

# D'ACTIOUN LËTZEBUGESCH-EIS SPROOCH iwwer d'Petitioun N°698 an der Chamber

Natierlech ass d'Actioun-Lëtzebuergesch/Eis Sprooch frou iwwer alles, wat fir d'Lëtzebuergesch gemaach gëtt. D'Petitioun 698, no deer eiser Sprooch eng besser Plaz am offizielle Liewe vun eisem Land reservéiert soll ginn, geet op dee Wee, och wann een net mat allem averstan si muss, wat an der Petitioun gefrot gëtt. Fir den Ament hunn sech wäit iwwer 10 000 Leit dofir ageschriwwen; mat de Famillen an net-computer-kënnege Leit héichgerechent, kann een sech, bis de 24. Oktober, op eng gewaltig Zuel vu Leit gefaasst maachen, déi de Sprooch-Wonsch vun der Petitioun a sengem Fong stäipen.

Eis Aarbecht fir d'Lëtzebuergesch dauert, op ville Gebitter, zënter 45 Joer. Net fir näischt ass och eist Sprooch/e-Gesetz vun 1984 zugudderlescht eiser Initiativ ze verdanken; dat nodeem eng Chamber-Motioun vun e puer Joer virdrun ‚entschlof‘ war. Mir stinn och prinzipiell hannert dem Gronduleies vun der Petitioun 698, esouguer wa mir net alles deelen, wat dra steet. Dofir muss déi Petitioun, eiser Meenung no nom laténgesche Sproch ‚*sine ira et studio*‘, also ouni Roserei an Äifer behandelt ginn!

Net ëmsoss konnt jiddereen an der leschter Dose Joeren ëmmer erëm, an zwar neutral an der geschriwwener Press, eiser Artikelen iwwer d'Lëtzebuergesch an der Constitioun liesen. Deer hu mir schléisslech och 50 an enger Brochure zesummegehallt a publizéiert; jidder Deputéierten huet déi kritt. Dës Publikatioun ass nach ëmmer gratis bei äis ze kréien(email:[actioun.sprooch@pt.lu](mailto:actioun.sprooch@pt.lu))

Mir si frou a soe merci fir d'Aarbecht, déi bis haut an der Chamber fir eis Sprooch an der Verfassung gemaach guff. Mir sinn och iwwerzeegt, dass eis Deputéiert d'Petitioun 698 verstänneg upaken, duerchdiskutéieren a behandelen. Mir wëssen, dass dat ower net esou einfach ass. D'Eenzelheete verlaange vill Fangerspëtzegefill, fir dat mir der Chamber vertrauen. Mir hoffen, dass keng parteipolitesch Rivalitéiten a Streidereien dowéinst entstinn; dat hätt eis Nationalsprooch net verdéngt.

Mir erwaarden, dass bis d'Enn vum festgesaten Datum nach Dausende vu Leit d'Petitioun 698 fir eis Sprooch ënnerschreiwten. An datt dann dat ‚Richteg‘ geschitt!

De Comité vun der ACTIOUN-LËTZEBUGESCH/EIS SPROOCH  
an senger Sëtzung vum 16. September 2016